

FAQ Grouss ugeluechten Tester COVID-19

D'ZIL VU GROUSS UGELUECHTEN TESTER

Firwat si flächendeckend Tester sënnvoll?

Am Ufank vun der Pandemie hate mir zu Lëtzebuerg – verglach mat der Gréisst vun der Bevëlkerung – schonn en héijen Infektiounstaux. Ausserdeem wësse mir haut, dass déi meescht Infizéiert keng Symptomer hunn (ongeféier 80 % vun den infizéierte Persounen). Laut der CON-VINCE-Etüd ginn et niewent de momentan bestätegte Fäll ca. 1.500 Persounen, déi de Virus a sech droen, awer asymptomatesch sinn (Stand: 7. Mee 2020). Dat heescht, dass si de Virus a sech hunn, ouni Symptomer z'entwéckelen, mä awer aner Leit infizéiere kënnen. Bis elo hat jidderee just wéineg Kontakt mat anere Persoune während dem Lockdown, mä soubal d'Kontakter awer nees zouhuele wäerten, klëmmt d'Warscheinlechkeet, anerer unzestiechen. Wann d'Mesuren opgehewe ginn, da kann d'Zuel vun den Infektiounen nees séier klammen. Eise Gesondheetssystem riskéiert dann op en Neits, an eng kritesch Situatioun ze geroden, an där vläicht net jiddereen adequat behandelt ka ginn. D'Tester hëllef, asymptomatesch Persounen, déi de Virus a sech hunn, z'identifizéieren. Duerno bleiwen dës Persounen 2 Wochen doheem, fir z'evitéieren, dass si anerer ustiechen. En plus kënnen si hir Kontakter informéieren an dës kënnen sech dann teste loossen, fir d'Infektiounsketten an engem fréie Stadium z'ënnerbriechen.

Kann eng zweet Well op dës Manéier evitéiert ginn?

Mir mussen dovun ausgoen, dass d'Infektiounen opgrond vun nees méi Kontakter zouhuele wäerten. Wéi vill Infektiounen et wäerte sinn, hänkt dovun of, wéi gutt sech jiddereen un d'Hygiënemesuren hält a wéi vill Persoune getest kënnen ginn. Wat mir méi Tester maache kënnen, wat méi Infektiounsketten ënnerbrach kënnen ginn an ëmsou méi kleng d'Zuel vun den neien Infektiounen wäert sinn, déi zu enger zweeter Well féiere kënnen.

Geet et am Moment just drëms, Panik ze verbreedden? Ass d'Zuel vun den neien Infektiounen net méi ze geréieren?

Et stëmmt, dass Lëtzebuerg d'Kris bis elo gutt gemeeschtert huet. Dofir kann een optimistesches sinn. Mir dierfen awer net vergiessen, dass sech de Virus ouni Sécherheitsmesuren exponentiell ausbreet. Dat heescht, dass aus e puer Eenzelfäll séier Honnerten oder souguer Dausende kënnen ginn. Dës muss evitéiert ginn, fir dass keen zweete Lockdown néideg ass. Bei der Teststrategie geet et net drëm, Panik ze verbreedden. Am Géigendeel! Et geet drëm, eng zousätzlech Mesure anzeféieren, déi et eis erlaabt, e bësse méi Normalitéit op eng méi séier a méi sécher Manéier z'rückzukehren.

Wat ass de Virdeel, wann ech mech teste loossen?

Engersäits wäert beim Test Ären eegene Gesondheitszoustand kontrolléiert ginn: Positiv heescht, dass Dir am Moment mam SARS-CoV-2-Virus infizéiert sidd. Negativ heescht, dass Dir de Moment keng Infektioun hutt (beim Test kann net festgestallt ginn, ob Dir scho mam Virus a Kontakt kamm sidd, wann Dir net (méi) infizéiert sidd – dat geet just mat engem Antikierpertest).

Bei dëse grouss ugeluechten Tester geet et net just ëm eenzel Persounen, mä éischer ëm d'ganz Bevëlkerung. Mat all Test, bei deem eng asymptomatesch Persoun, déi de Virus a sech huet an duerno zwou Wochen doheem ënner Quarantän gestallt ka ginn, identifizéiert gëtt, fält den Infektiounsrisiko fir all déi aner Leit. Op dës Manéier kann all Eenzelen dozou bäidroen, d'Infektiounskette matzäiten z'erkennen a seng Famill, Frënn, Aarbechtskolleegen a virun allem d'Risikogruppe virun enger méiglecher Infektioun ze schützen.

Fir den Eenzele bedeit en negatiivt Testresultat natierlech net, dass dës Persoun sech net méi un déi üblech Hygiènesmesuren hale muss. D'Schutzmesurë gëllen och weiderhi fir jiddereen: Hänn wäschen, Ofstand halen, eng Mask undoen (wann et néideg ass), e korrekt Verhale beim Néitsen an Houschten etc.

Wat notze mech grouss ugelumachten Tester, wann ech haut negativ getest ginn a mech 2 Deeg méi spéit ëmmer nach ustieche kann?

Theoretesch wier et natierlech besser, wa jiddereen all Dag kéint getest ginn. Dat ass awer aus logisteschen / praktesche Grënn net méiglech. Trotzdeem gëllt hei net de Prinzip „alles oder näischt“, mä ganz einfach: Wat méi Leit getest ginn, wat méi nei Infektione kënnen evitéiert ginn, well duerch d'Tester méi Persounen, déi potenziell ustiechend sinn, identifizéiert an isoléiert ginn. D'Teststrategie garantéiert net, dass mir all 100%eg geschützt sinn. Mä all Mesurë, déi hëlleft, nei Infektione z'evitéieren, verbessert d'Situatioun an d'effentlech Gesondheet. An d'Teststrategie dréit eendeiteg heizou bäi – wat och vun der Wëssenschaft bestätegt gëtt. Besonnesch wichteg ass dëst fir Berufsgruppe mat vill perséinlechem Kontakt (z. B. Fleegepersonal, Coiffeuren etc.), well si duerch hir Aarbecht vill Persounen ustieche kënnen. Et geet also net méi drëm, dass eng eenzel Persoun net méi infizéiert ka ginn, mä, dass de Risiko am Allgemenge reduzéiert gëtt. Soubal de prozentualen Undeel vun den infizéierte Persounen an enger representativer Stéchprouf nees zouhëlt, kann nach eng kéier groussflächez getest ginn, fir de Risiko weider ze miniméieren.

Firwat goufen am Ufank just Persounen mat Symptomer getest, wann elo jidderee soll getest ginn?

Bis elo goufe just Persounen mat Symptomer getest. Nei Etüde weisen allerdéngs, dass d'Majoritéit vun den infizéierte Persounen keng oder bal keng Symptomer huet – si wëssen also mol net, dass si positiv an deemno och ustiechend sinn. Dës Tatsaach dréit vill zu der Verbreedung vum Virus bäi. Bei der landeswäiter Teststrategie geet et elo drëm, Persounen ouni Symptomer ze testen, fir dës asymptomatesch Virusdréier z'identifizéieren an ze isoléieren.

Firwat gi grouss ugelumachte PCR-Tester gemaach an net grouss ugelumachten Antikierpertester?

Antikierpertester weisen, ob eng Persoun de Virus schonn hat a méiglecherweis immun ass. Dëst ass vu perséinlechem Interessé. Wa sécher festgestallt ka ginn, dass Dir immun sidd, soubal Dir de Virus hat, dann ass et fir déi Persoun interessant, dat ze wëssen. Fir d'effentlech Gesondheet ass dës Info am Moment allerdéngs net esou wichteg, well laut der CON-VINCE-Etüd ware just ca. 2 % vun der Bevëlkerung mam Virus infizéiert. Just wa vill Leit an der Bevëlkerung immun sinn, huet dëst e signifikanten Afloss op d'Vebreedung vum Virus a réischt ab deem Zäitpunkt wiere grouss ugelumachten Antikierpertester sënnvoll. D'PCR-Tester hunn allerdéngs Auswierkungen op d'effentlech Gesondheet, well esou kënnen aktuell infizéiert Persounen, déi anerer ustieche kënnen, identifizéiert an duerno heem geschéckt ginn, fir dass si keen anere méi ustiechen. Op dës Manéier kënnen nei Infektione evitéiert ginn. An dëser Phas, wou d'initial Restriktionen ofgehewe ginn, geet et drëm, d'Zuel vun den neien Infektione op e Minimum ze reduzéieren.

Ouni Impfung oder Medikamenter wäert et schwéier sinn, de Coronavirus ze geréieren. Firwat si landeswäit Tester nach sënnvoll?

Och mat den Tester wäert de Virus warscheinlech net vollstänneg verschwannen. Bis dohin erlaben eis grouss ugelumachten Tester awer, d'Mesuren op eng méi sécher Manéier ze labberen an d'Ausbreedung vum Virus ënner Kontroll ze halen. Trotzdeem wäerte mir mam Virus liewe mussen, bis en Impfstoff entwéckelt ginn ass.

Wéi ass et mat der Herdenimmunitéit? Wier et net besser, wa sech méiglechst vill Leit esou séier wéi méiglech mam Virus infizéiere géifen?

Esou eng Approche géif – ouni Schutzmesuren – a kuerzer Zäit vill Doudesfäll mat sech bréngen. De Mortalitätsstaux bei COVID-19 gëtt de Moment op ca. 0,7 % geschat. Gläichzäiteg ass de Virus ganz ustiechend, vill méi wéi z. B. eng Gripp. Géif een de Virus einfach gewärde loossen, géife vill Persounen matenee krank ginn, de Gesondheetssystem wier iwwerlaascht (Kapazitéiten an de Klinicken etc.) an et géife

vill Persounen a kuerzer Zäit stierwen. Simulatioune ginn zu Lëtzebuerg vun Dausenden Doudegen a just e puer Wochen aus.

Wéi kann een de Virus ënner Kontroll halen?

Et gi verschidde Strategien, fir den neie Coronavirus ënner Kontroll ze halen:

- Eng Méiglechkeet ass eng strikt Begrenzung vu physische Kontakter, wéi et beim Confinement de Fall war.
- Eng aner Méiglechkeet sinn Hygiènesmesurë wéi z. B. Sécherheetsofstänn, eng Mask undoen a sech reegelméisseg a richtig d'Hänn wäschen. Heibäi spillen d'Solidaritéit an d'Disziplin vun der ganzer Bevëlkerung eng wichteg Roll.
- Eng weider Méiglechkeet besteet doranner, mat Hëllef vun Tester déi Persounen z'identifizéieren an z'isoléieren, déi de Virus a sech hunn an dowéinst ustiechend sinn. Hei gëllt och: En Test ass virun allem e Schutz fir anerer. Ech kann ustiechend sinn, ouni et ze wëssen.
- Et ass och wichteg, d'Kontakter vun identifizéierte Persounen zréckzeverfollegen a si sécherheetshalber ënner Quarantän ze stellen. Dëst ka manuell (wéi et momentan zu Lëtzebuerg de Fall ass) oder mat der zousätzlecher Hëllef vun enger App geschéien.
- E gudden Iwwerwaachungssystem hëlleft och, de Virus ënner Kontroll ze halen. Aus deem Grond ass et wichteg, d'relevant Zuele wéi d'Unzuel vun de Reproduktiounen z'iwwerwaachen, awer och d'Unzuel vun de fräi disponibele Better op den Intensivstatiounen, d'Unzuel vun den neien Infektiounen, den Alter vun de Persounen, déi sech nei infizéiert hunn, etc. Esou ass et méi einfach anzuschätzen, wéi héich de Risiko ass, fir dass méiglechst vill Restriktiounen gelockert kënnen ginn. Gläichzäiteg kann awer och matzäiten erkannt ginn, wa sech eng potentiell zweet Well forméiert, déi am schlemmste Fall zu engem Lockdown féiere wäert – dëst muss evitéiert ginn.
- Fir den neie Coronavirus ënner Kontroll ze halen, ass eng Kombinatioun vun den uewe genannte Mesuren am effikassten.

Wat ass Kontakt-Tracking a wéi eng Roll spillt et fir d'Teststrategie?

Kontakt-Tracking heescht, dass Dir d'Kontakter vun enger infizierter Persoun kennt a si biet, doheem ze bleiwen an/oder sech testen ze loossen, fir d'Infektiounsketten z'ënnerbriechen. Dëst kann entweder manuell duerch MataarbechterInnen vun der Gesondheitsinspektioun oder mat der Ënnerstëtzung vun digitale Methode wéi Handyapps erfollegen. Fir en neie Lockdown z'evitéieren, ass et noutwenneg, d'Zuel vun den neien Infektiounen esou kleng ze halen, dass en Tracking vun der Infektiounskette weiderhi méiglech ass. Zu Lëtzebuerg gëtt de Kontakt-Tracking momentan manuell vun der Direction de la Santé duerchgefouert. D'Tester am Zesammenhang mat dem Kontakt-Tracking erméiglechen et, Infektiounsketten z'ënnerbriechen an esou d'Zuel vun den neien Infektiounen ze reduzéieren.

Ass d'Strategie mat flächendeckenden Tester e Fuerschungsprojet?

Nee. Den uewe genannte Projet mat flächendeckenden Tester ass – wat den Test selwer betrëfft – e Projet vu verschiddenen Acteuren aus dem Secteur vun der lëtzebuergescher Fuerschung, mä kee Fuerschungsprojet. Et ass e **Bäitrag fir d'ëffentlech Gesondheet**, bei deem ëffentlech-rechtlech Fuerschungsrichtungen hiert Wëssen an hir Expertise zur Verfügung stellen, fir politesch Entscheidungen ze begleeden.

Ass den Test fräiwëlleg oder net?

Jo, den Test ass fräiwëlleg. Mä: Wat méi Persoune getest ginn, wat et besser ass. Op dës Manéier kënnen vill Leit mat aktueller SARS-CoV-2-Infektiounen identifizéiert an isoléiert ginn – an droen esou en vue vum Pandemierisiko, dee weiderhi besteet, vill zum Erfolleg vun engem normaliséierte Liewe bäi.

Wéi gesinn d'Kontingenter aus?

D'Kontingenter ginn en vue vun der Exitstrategie vun der Regierung verginn. Dat heescht, dass si vun der Regierung festgeluecht ginn. Fir d'éischt gi Persoune getest, déi opgrond vun hirer Aarbecht mat aneren a

Kontakt sinn. No an no gi weider Kontingenter invitéiert, sech testen ze loossen. Engem detailléierten Zäitplang no ginn d'Kontingenter entweder vollstänneg, an Ënnergruppen oder a representative Stéchprouwe getest.

Ka jidderee fräiwëlleg getest oder innerhalb vun engem Kontingent ausgewielt ginn? Oder wíelt d'Taskforce d'Persounen, déi getest solle ginn, nom Zoufallsprinzip aus?

D'Tester sinn natierlech fräiwëlleg, mä d'grouss ugeluechten Tester ginn no engem bestëmmten Zäitplang duerchgefouert. Soubal Dir d'Invitatioun mat der Post kritt, kënnt Dir e Rendez-vous fir den Test maachen. A Beräicher, an deenen net e ganze Kontingent getest gëtt, mä (fir d'éischt emol) eng representativ Grupp innerhalb vum Kontingent, ginn dës Persounen nom Zoufallsprinzip ausgewielt.

Ginn all d'Kontingenter just eemol getest? A firwat gëtt net jiddereen an engem Kontingent direkt getest?

Ob e Kontingent komplett a wéi oft getest gëtt, hänkt vu verschiddene Facteuren of:

- en héije Risiko, beruufsbedéngt mat infizéierte Persounen a Kontakt ze kommen (z. B. Fleegepersonal)
- eng héich Unzuel vun aarbechtsbedéngte Kontakter (z. B. Coiffeuren)
- Wéi héich ass d'Prevalenz (de Prozentsaz vun den Infektiounen an de geteste Gruppen) an enger representativer Stéchprouf vum Kontingent?
- Etc.

Wie gëtt reegelméisseg getest?

Persounen, déi en héijen Infektiounsrisiko hunn oder mat vill anere Leit a Kontakt sinn, ginn all zwou Woche getest. Dovu beträff sinn z. B. Persounen, déi am Gesondheitssecteur, bei der Police, an enger Crèche, beim engem Coiffeur oder an der Kosmetikbranche schaffen.

Ginn och Frontaliere getest?

Déi iwwer 200.000 Frontalieren zu Lëtzebuerg sinn e wichtegen Deel vun der lëtzebuergescher Aarbechtswelt. Dowéinst si si an de jeeweilige Kontingenter enthalen a wäerten och invitéiert ginn, fir sech testen ze loossen. D'Kontingenter ginn deemno iwwer d'Grenze vum Land eraus.

Ginn och Kanner getest?

Jo, Kanner ginn an d'grouss ugeluechten Tester abezunn a kréien, wéi Erwuessener, eng Invitatioun mat der Post.

Ech schaffen net. Ginn ech och getest?

Zu dësem Zäitpunkt konzentréiere sech déi éischt Schrëtt vun der grouss ugeluechter Teststrategie op d'schaffend Bevëlkerung an d'Studenten. An engem weidere Schratt ginn awer och Stéchprouwen aus der ganzer Bevëlkerung invitéiert, fir sech testen ze loossen.

TEST

Wat ass de PCR-Test fir en Test a firwat kann en de Virus och bei asymptomatesche Persounen nowiesen?

Beim PCR-Test gëtt mat Hëllef vun engem Ofstréch an der Strass a molekularbiologeschen Technike festgestallt, ob eng aktuell, aktiv SARS-CoV-2-Infektioun virläit, d. h., ob d'Testpersoun de Moment de Virus a sech huet an deemno ustiechend ass. Dobäi spillt et keng Roll, ob si COVID-19-Symptomer huet oder net. Mat dem PCR-Test kann d'geneetescht Material vum Virus nogewise ginn. Dëst ass och present, wann d'infizéiert Persoun keng Symptomer weist.

Beim Test gëtt keng Bluttprouf gemaach an op Antikierper géint SARS-CoV-2 getest. Esou en Test géif an éischer Linn och Persounen identifizéieren, déi an der Vergaangenheet schonn eng Infektioun haten.

Wéi zuverlässeg ass de PCR-Test?

Am Allgemenge goufen d'COVID-19-PCR-Tester an de leschte Woche staark verbessert an hir Sensibilitéit gouf däitlech erhéicht. Deen an de grouss ugeluechten Tester benotzte PCR-Test huet eng Sensibilitéit vun 100 %, soudass souguer ganz kleng Virusquantitéiten nogewise kënnen ginn. Dowéinst ginn et just ganz wéineg falsch negativ Resultater. D'Tester eegnen sech dowéinst och dofir, asymptomatesch Virusdréier z'identifizéieren.

Wéi eng Prouwe gi fir de COVID-19-PCR-Test geholl?

Mat engem Wattestäbche gëtt en Ofstréch an der Strass gemaach.

Fir d'Testkapazität z'erhéijen, gëtt eng Pooling-Method benotzt. Wat heescht dat?

Pooling heescht, dass 4 Tests gläichzäiteg ausgewäert ginn. Dëst ass méiglech, well zu dësem Zäitpunkt allgemeng nach relativ wéineg positiv Fäll z'erwaarde sinn. Fält d'gepoolten Analys positiv aus, ginn déi 4 Prouwen nach emol separat kontrolléiert. Mat dëser Method kann d'Effizienz an domat d'Kapazität vun de grouss ugeluechten Tester erhéicht ginn, ouni d'Qualitéit mussen ze reduzéieren.

Wat ass den Ënnerschied tëschent engem Antikierpertest an engem PCR-Test?

Beim PCR-Test mat engem Ofstréch vun der Strass geet et drëm, Persounen, déi momentan mat SARS-CoV-2 infizéiert an deemno ustiechend sinn, z'identifizéieren a konsequent z'isoléieren (grad wéi Persounen, mat deene si a Kontakt waren).

Beim Antikierpertest gëtt eng Bluttprouf op Antikierper géint SARS-CoV-2 ënnersicht. Dësen Test huet en anert Zil: nämlech Persounen z'identifizéieren, déi scho mam Virus infizéiert waren an nees gesond oder um Wee vun der Besserung sinn.

Wann Antikierper an der Bluttprouf nogewise kënnen ginn, dann heescht dat zimmlech sécher, dass d'Testpersoun scho mam Virus infizéiert war. Ob a wéi laang dës Antikierper awer virun enger weiderer Infektioun schützen, d. h., ob eng Immunitéit besteet, ass nach net bekannt. Weider Informatiounen zu den zwee Tester fannt Dir an [dësem Artikel \(DE/FR\)](#).

Bei engem PCR-Test kann net festgestallt ginn, ob dës Persoun de Virus schon hat. Firwat gi momentan keng grouss ugeluechten Antikierpertester gemaach?

Bei der grouss ugeluechter Teststrategie geet et an éischter Linn dorëm, asymptomatesch Persoune mat enger aktueller SARS-CoV-2-Infektioun z'identifizéieren an z'isoléieren. Dëst kann de Moment am zuverlässigste mat engem Ofstréch an der Strass festgestallt ginn.

Mat engem Antikierpertest kann dogéint just festgestallt ginn, ob eng Persoun schon eng Infektioun hat, awer net onbedénkt, ob dës nach aktuell ass an, virun allem, ob d'Testpersoun nach ustiechend ass.

Sinn och antikierperbaséiert Tester geplangt?

D'CON-VINCE-Etüd, an där eng representativ Grupp vun der Bevëlkerung op Antikierper getest gouf, huet gewisen, dass momentan just ca. 2 % vun der Bevëlkerung Antikierper géint de SARS-CoV-2-Virus entwéckelt hunn (dëst gëtt och als „seropositiv“ bezechent). Dat bedeit, dass mir nach wäit vun enger Herdenimmunitéit ewech sinn, déi eréischt bei ca. 60 % erreecht gi wier. Wa mir elo grouss ugeluechten Antikierpertester duerchféiere géifen, géife mir just eng immens grouss Unzuel vun negative Resultater kréien an esou ganz vill Ressourcë verplemperen. Grouss ugeluechten Antikierpertester si just sënnvoll, wann ca. 30 % vun der Bevëlkerung scho mam Virus a Kontakt komm sinn.

Ech fille mech krank. Wier et gutt, wann ech elo am Kader vun de grouss ugeluechten Tester géif ënnersicht ginn?

Wennt Iech wgl. un Ären Hausdokter oder un e Centre de soins avancés. Fir Persoune mat COVID-19-Symptomer gëlle weiderhin d'Uweisung vun der Gesondheitsinspektioun. Weider Informatiounen fannt Dir [hei](#).

Ech fille mech gesond. Soll ech mech trotzdeem teste loossen?

D'Majoritéit vun den Infizéierten huet wéineg oder keng Symptomer. Si wëssen deemno net, dass si de Virus a sech hunn a weidergi kënnen. De COVID-19-PCR-Test seet lech, ob Dir fir anerer ustiechend sidd. Wann Dir lech teste loosst an d'Uweisung vum Gesondheitsministère anhaalt, dann hëlleft Dir mat, Är Famill, Frënn, Kolleegen a virun allem d'Risikogruppen ze schützen – an esou d'Ausbreedung vum Virus ënner Kontroll ze halen.

Ech gouf scho getest a mäin Test war negativ. Soll ech mech nach emol teste loossen?

Jo. De PCR-Test kann aktuell Infektione just innerhalb vun engem bestëmmten Zäitfenster identifizéieren. Méiglecherweis hutt Dir lech säit dem leschten Testresultat infizéiert, ouni et ze wëssen. Loosst lech wgl. testen, soubal Dir eng Invitatioun mat der Post kritt.

PROZEDUR AN DELAI

Wou ginn d'Tester gemaach?

Et gi 17 Drive-in- an 2 Walk-in-/Bike-in-Stationen am ganze Land. D'komplett Lëscht vun de Sitte mat den Adresse fannt Dir iwwer [dëse Link](#) op guichet.lu.

Ab wéini kënnen wéi vill Leit getest ginn?

D'flächendeckend Tester hunn den 18. Mee 2020 ugefaangen. Bis den 1. Juni 2020 wäerten d'Kapazitéiten no an no op max. 20.000 Tester pro Dag erhéicht ginn. Dat bedeit, dass an den nächsten 2 Méint bal 1 Millioun Tester gemaach ginn.

Wéini a wéi kann ech mech teste loossen?

Dir kritt vun der Regierung an Zesummenaarbecht mat dem Luxembourg Institute of Health eng Invitatioun mat der Post, fir lech testen ze loossen. Mat dem Voucher-Code op dëser Invitatioun kënt Dir e Rendez-vous an enger vun eisen Teststationen op der Websäit maachen, ier Dir op den Testsite fuert. Wéini Dir e Bréif kritt, hänkt vum Zäitplang of, dee fir d'grouss ugeluechten Tester entwéckelt ginn ass, a vum Kontingent, an deem Dir virgesi sidd.

Wann Dir weider Hëllef bei engem technesche Problem braucht oder fir e Rendez-vous ze maachen, da wénnt lech wgl. un eis Hotline (+352) 28 55 83-1.

Wéi kann ech mäi Rendez-vous ofsoen oder réckelen?

Wann Dir Äre Rendez-vous ofsoen oder réckele wëllt, da gitt lech wgl. op de Link, deen Dir an der E-Mail, mat där Äre Rendez-vous confirméiert ginn ass, kritt hutt. Ogepasst: Et ass net méiglech, e Rendez-vous sur place um Testsite ofzesoen.

Wéi laang ass de Voucher gültig?

Mam Voucher-Code an der Invitatioun kënt Dir e Rendez-vous an den nächsten zwou Woche maachen.

Brauch ech fir den Test e Rezept/eng Iwwerweisung vun engem Dokter?

Nee. Dir kritt eng Invitatioun fir den Test mat der Post. Mam Voucher-Code op dëser Invitatioun kënt Dir op der Websäit e Rendez-vous an enger vun eisen Teststationen maachen, ier Dir bei den Test fuert.

Mäin Aarbechtskolleeg huet schonn e Bréif kritt, ech awer net. Wat soll ech maachen?

Dir musst näischt maachen. Well net ëmmer all d'Persounen vun engem Secteur oder Kontingent gläichzäiteg getest, mä heiansdo representativ Stéchprouwen ausgewielt ginn, kréien net all d'Persounen hir Invitatioun fir den Test mateneen, mä mat der Post iwwert en Zäitraum vun e puer Wochen. Hutt wgl. e bësse Gedold a loosst lech testen, soubal Dir eng Invitatioun kritt.

Wat muss ech mathuelen, wann ech op mäi Rendez-vous fir den Test ginn?

Weist wgl. Är Invitatioun, Är Carte d'identité oder Äre Pass an Är Versécherungskäertchen. Wann Dir de Rendez-vous maacht, gitt Dir och gebieden, eng Handysnummer unzeginn. Dir kritt op dës Nummer eng SMS, soubal Är Testresultater disponibel sinn.

Wat geschitt, wann ech den Test net maache wëll?

Näischt. Den Test ass fräiwëlleg. Wann Dir eng Invitatioun kritt, fir Iech testen ze loossen, an decidéiert, en net ze maachen, dann heescht dat net, dass Dir doheem bleiwe musst. Allerdéngs stécht hannert der Teststrategie (cf. hei uwendriwwer) e Konzept, dat jidderengem de gréisstméigleche Schutz bitt, wa méiglechst vill Persoune matmaachen (cf. d'Fro: Ass den Test fräiwëlleg oder net?)

Besteet d'Gefor, sech während dem Test unzestiechen?

D'Personal, dat den Test mécht, ass heifir qualifizéiert an huet Schutzkleedung an eng Mask un. En plus gëtt duerch d'Drive-through-Konzept an de meeschten Teststatiounen evitéiert, dass Dir mat anere Persounen a Kontakt kommt, well den Ofstréch gemaach gëtt, während Dir am Auto sëtzt. De Risiko, sech während dem Test unzestiechen, ass ganz kleng.

DONNÉEËN & TESTRESULTATER

Wéini a wéi kréien ech meng Testresultater?

Soubal Är Testresultater disponibel sinn, kritt Dir eng SMS op déi Handysnummer, déi Dir bei der Umeldung uginnt. D'SMS enthält e Code, mat deem Dir Är Resultater op enger Website erofluede kënnt. Dir kritt innerhalb vun zwee Deeg nom Test eng SMS – souwuel, wann Äert Testresultat positiv wéi och negativ ass. Wann d'Resultat positiv ass, da gitt Dir och vun der Gesondheitsinspektioun kontaktéiert a gebieden, zwou Wochen doheem ze bleiwen, fir Är Matbierger net unzestiechen.

Wéi eng Donnéeë gi während den Tester gesammelt?

Bei der Umeldung fir den Test gi perséinlech Donnéeën erfaasst, z. B. Ären Numm, Är national Matricule, Adress an Telefonsnummer. No der Analys vum Ofstréch gëtt en diagnostesch Testresultat erstellt: positiv oder negativ fir de SARS-CoV-2-Virus.

Wat geschitt mat mengem Donnéeën?

D'Donnéeë gi vun akkreditéierten diagnostesche Laboratoire mat Hëllef vun Diagnostik-Kits gesammelt an am Labo ënnersicht. Dës Donnéeë ginn och vum Testlabo un d'Gesondheitsinspektioun weidergeleet, fir Testpersounen, déi positiv getest goufen, ze benoriichten. Dem Gesetz no si medezinesch Laboratoire verpflichtet, ustiechend Krankheeten der Direction de la Santé ze mellen. SARS-CoV-2-Infektione gehéieren zu dëse meldeflichtege Krankheeten (Loi du 1^{er} août 2018 sur la déclaration obligatoire de certaines maladies). D'Laboratoire schécken dowéinst all Dag securiséiert elektronesch Informatiounen iwwer d'geteste Persounen (z. B. den Numm, d'national Matricule, d'Adress, d'Telefonsnummer an d'Testresultat) un d'Verwaltung e-Sante. Dëst erméiglecht et ënner anerem, d'positiv Fäll per Telefon ze kontaktéieren, si z'isoléieren an hir Kontakter zréckzeverfollegen (Kontakt-Tracking). An enger Erklärung vun der Nationaler Dateschutzkommissioun (CNPD) iwwer d'Coronavirus-Kris vum 13. März 2020 (cf. <http://www.cnpd.lu>) gouf ausdrécklech bestätegt, dass d'Direction de la Santé dës perséinlech Donnéeë sammelen a verschaffen dierf. Vu Säite vun der Direction de la Santé hu just MataarbechterInne vun der Gesondheitsinspektioun (Inspection sanitaire) – en Departement vun der Direction de la Santé – Zougank zu de vertraulechen Donnéeën.

D'Regierung stellt den ëffentlech-rechtleche Fuersungsariichtungen anonymiséiert, kumuléiert Datesätz zur Verfügung, fir de Verlaf vun der Pandemie statistesch z'iwwerwaachen a fir Fuersungszwecker

auszewäerten. D'Fuerscher hunn zu kengem Zäitpunkt Zougank zu de perséinlechen Donnéeë vun de geteste Persounen.

Mäin Testresultat war positiv. Wat muss ech maachen?

Bleift wgl. zwou Wochen doheem an haalt Iech un d'Uweisung vum Direction de la Santé, fir anerer ze schützen. Weider Informatiounen fir Persounen mat COVID-19 fannt Dir hei.

Mäi Resultat war negativ. Muss ech d'Hygiènesvirschrëften net méi anhalen?

Et ass wichteg fir jiddereen – och fir Persounen mat engem negativen Testresultat –, d'üblech Schutzgesten anzehalen (2 Meter Ofstand, Mask, Hänn wäschen etc.). Si hëllefen, den Infektionsrisiko weider däitlech ze reduzéieren.

KÄSCHTEN

Muss ech eppes areechechen oder der Krankekeess eng Rechnung schécken?

Nee, d'Tester si fir d'Participanten gratis. De Budget fir d'Duerchféiere vum grouss ugeluechten Tester gouf vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse zur Verfügung gestallt.

Sinn d'Käschte vu bis zu 39,5 Milliounen Euro fir all d'flächendeckend Tester gerechtfäerdeg?

De wirtschaftlechen Impakt vum Lockdown ass am Verhältnis zum Bruttoinlandsprodukt mat engem duerchschnëttleche Verloscht all Mount vu bal 3.200 Euro pro Awunner vum Grand-Duché spierbar. Aus deem Grond sinn d'Käschte fir den Test pro Persoun relativ kleng, fir e fréit a sécher Ophiewe vum Lockdown z'erreechen.

PARTNER

Wie mécht d'flächendeckend Tester?

De Luxembourg Institute of Health ass fir de Projet responsabel. D'Tester gi vu sengem Vertragspartner (Laboratoires Réunis), dee vun Ecolog logistesch ënnerstëtzt gëtt, gemaach. D'grouss ugeluechten Tester baséieren op der proaktiver Mitigatiounsstrategie, déi vum der Research-Luxembourg-COVID-19-Taskforce entwéckelt ginn ass.

Wéi vill Tester vu wéi enger Entreprise goufe scho kaaft? A wéi vill Persounen kënnen domat getest ginn?

Bis elo goufe 500.000 Tester (07/05/2020), vu Fast Track Diagnostics fir en Total vu 4,7 Milliounen Euro kaaft. Dank der Pooling-Method kënnen mat dësen Tester iwwer 1,7 Milliounen Tester gemaach ginn.